EDUCDESIGN
WHERE LEARNING AND TECHNOLOGY MEET

Formatrice/Formateur - Consultant(e) pédago-technologique

EducDesign s.a. sicht als Verstäerkung fir seng Equipe eng/e Formatrice/Formateur pédago-technologique.

Zënter 2002 Joer brénge mir um Terrain Pädagogik an technologesch Innovatioun beieneen. EducDesign entwéckelt/bedreift eng grouss Léierplattform (olefaschool.lu) déi a ronn 50% vun der Grondschoulen an och verstäerkt a non-formale Kontexter agesat get. EducDesign ass doniewt ganz vill engagéiert an der Formation continue a beréit Bildungsstrukturen wéi si Technologien optimal a Léierprozesser kënnen integréieren..

Als Formatrice/Formateur besteet Är Aufgab doranner dem Personal vu Schoulen, Crèches, Maison Relais a Maison de Jeunes a natierlech och de Kanner a Jugendlechen an deene Strukturen de produktiven, kreativen an eegentätegen Emgang mat Technologien nozebréngen, si ze beroden a pädago-technologesch Konzepter auszeschaffen an ëmzesetzen. Mir forméieren Iech natierlech intern fir déi Aufgaben wouer ze huelen.

Wann Dir gutt mat Technologien ëmgitt, selwer gäre mat Technik experimentéiert, keng Angscht hutt fir Iech a nei Technologien, Tools a Software eranzeschaffen, oppe sidd fir innovativ pädagogesch a technesch Konzepter ze vermëttelen an dorunner interesséiert sidd, datt Technologien sënnvoll a produktiv a Léierprozesser agebonne ginn, da mellt Iech bei eis iwwer Telefon oder iwwer jobs@educdesign.lu.

Niewent schoulesche Qualifikatioune siche mir interessant, technologesch a pädagogesch interesséiert, dynamesch an engagéiert Perséinlechkeeten déi bei eis Equipe (Informatiker, Techniker a Pädagogen) a Philosophie passen.

Mir freeën eis op Är Bewerbung, och dann, wann Är Schoulcarrière eventuell net ganz linear war. (Nb: E Führerschäin/Auto ass néideg well eis Klienten am ganze Land verdeelt sinn)

Frank Trierweiler
Managing Partner
EducDesign s.a
265161-22
46 rue Jean Jaurès L-3490 Diddeleng